N°7983
Entrée le 13.06.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Intérieur

**Äntwert vun der Madamm Inneministesch, Taina Bofferding, op d'parlamentaresch Fro n°7983 vun den éierbaren Deputéierte Martine Hansen an Nancy Arendt, ép. Kemp, zum Sujet "Retard de l'ambulance lors d'un accident à Diekirch"**

Bei dëser parlamentarescher Fro handelt et sech ëm operationell Froen, déi am Kompetenzberäich vum CGDIS leien. Als Inneministesch kann ech deemno keng Aussoen zu dësem konkreten Asaz vum CGDIS maachen. Persounen, déi der Meenung sinn, dass en Asaz vum CGDIS net richteg ofgelaf wier, kënnen hir Reklamatioun per E-mail (reclamation@cgdis.lu) direkt un d'Generaldirektioun vum CGDIS riichten.

Den Haaptobjektiv vum Plan national d'organisation des secours (PNOS) ass deen, dass eng Persoun, déi an Nout ass an egal wou se sech am Land befënnt, a manner wéi 15 Minutten Hëllef kritt.

Dem CGDIS seng Asazriichtlinne gesi scho säit 2016 vir, dass jeeweils ëmmer déi Ambulanz op d'Asazplaz geschéckt gëtt, déi geografesch am noosten an deemno och am séiersten op der Asazplaz kann ukommen. Iwwert de sougenannte «Routing» vun den Asazgefierer weess d'Asazzentral 112 zu all Moment, wou sech en Asazgefier befënnt. Aus deem Grond kënnt et regelméisseg vir, dass z.B. eng Ambulanz aus engem Nopeschzenter intervenéiert. Meeschtens ass dëst de Fall, wann eng eidel Ambulanz um Réckwee an hiren Asazzenter ass.

Lëtzebuerg, den 13. Juni 2023.
D'Inneministesch
(s.) Taina Bofferding